

Pressematdeelung vum 30. Juni 2017

An der leschter Stater Gemengerotssëtzung vum 26. Juni gouf iwwert d'Schoulorganisatioun an domat och – wéi all Joer erëm – iwwert de Kontingent, also iwwert d'festgeluechte Maximalzuel vu Kanner an der Schoulass, diskutéiert. Dëse Kontingent gouf iwwert d'Groussherzoglecht Reglement vum 18. Februar 2010 an de Grondschoulsystem agefouert.

Am Mee 2017 hat d'Stad scho 4817 Schoulkanner a fir d'Schouljoer 2017/2018 sollen et der 5065 sinn, déi an d'Stater Grondschoul ginn. D'Zuel vun de Schoulkanner klëmmt all Joer an trotzdem stagnéiert d'Zuel vum Personal am Enseignement, dat doriwwer eraus nach zousätzlech Chargen iwwerhuele muss.

Elo bedauert a kritiséiert de ganze Stater Gemengerot den Zoustand vum Kontingent, an datt de Educationsminister an dësem Punkt net mat sech schwätze léisst. An dëser Sëtzung hunn "Déi Gréng" behaupt, datt de Kontingent just um nationale Plang kéint geännert ginn. An deem Kontext huet d'Stater Gemengen-Conseillère Marceline Goergen (ADR) gefuerdert, datt déi politesch Sturheet endlech en Enn kritt an huet op d'Hypokrisie vun deenen anere Parteien higewisen.

Et sief nämlech drun erënnert, datt d'ADR scho jorelaang hannert dem blo-gréng Schäfferot ass, fir dem Minister déi prekär Kontingent-Situatioun vun der Stad Lëtzebuerg duerzeleeën. Nach am Mee 2017 huet den Deputéierte Fernand Kartheiser am Numm vun der ADR eng Motioun iwwert de Kontingent an der Chamber deposéiert. D'DP, d'LSAP an "Déi Gréng", déi sech haut am Gemengerot iwwert de Kontingent bekloen, hunn d'Motioun vun der ADR an der Chamber awer mat Nee gestëmmt. An d'CSV, déi erëm emol keng Meenung hat, hat sech einfach enthalen.

Am Stater Gemengerot reegen si sech iwwert de Kontingent op a soen, datt dee Problem um nationalen Niveau misst geléist ginn. Wann si an der Chamber awer Responsabilitéit sollen iwwerhuelen, da stëmmen si dogéint. Do gesäit een d'Dopplezungegkeet vun deene Parteien. Dat ass schlechte Wëllen a politesch Sturheet, déi um Réck vun de Schoulkanner a vum Léierpersonal ausgedroe gëtt.

Mir schafen e Grondschulunterricht ouni Qualitéit an dat ass mat kengem Argument ze rechtfäerdeg a scho guer net ze verrieden. Bei esou engem grave Problem duerf awer keng Parteipolitik am Wee stoen. Wéi den Numm et scho seet, leet d'Grondschul schliisslech de Grondstee fir d'Zukunft vun eise Schoulkanner. D'DP, d'LSAP an "Déi Gréng" schéngen dat awer net esou ze gesinn. Si stëmmen aus parteipolitescher Sturheet mat Nee, just well et d'ADR ass, déi d'Solutioun vun engem Problem fuerdert. Et ass awer d'Saach un sech, déi am Virdergrond stoe soll a muss. Um Enn sinn et d'Schoulkanner, déi ënnert där liichtsënneger Entscheedung leiden an net ze vergiessen d'Léierpersonal, dat eng formidabel Aarbecht leescht an eng grouss Motivatioun matbréngt, fir déi schwierig Situatioun am Schoulalldag ze bewältegen.

Annexe: Motioun iwwert de Kontingent vun der ADR
Bulletin de Vote – Motioun M. Kartheiser (ADR) – 31/05/2017